N°3376
Entrée le 21.01.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

**Äntwert vum Kulturminister op d'parlamentaresch Fro n° 3367 vum 22. Dezember 2025 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen**

1. **Firwat goufe vu säiten vun der Gemeng oder Staat am Fall vum Schlass Weimerich keng wieder Ustrengungen iwwerholl, fir Deeler vum Gebai z'erhalen?**

Esou wéi den honorabelen Deputéierten et a senger parlamentarescher Fro erëmgëtt, erfëllt dat sougenannte Schlass Weimerich net d'Krittäre fir als nationaalt Denkmal klasséiert kënnen ze ginn. Dës Aschätzung gouf och vun der Commission des sites et monuments nationaux (COSIMO) an hirem Avis vum 13. Januar 2021 bestätegt. Op Basis vun dësem Avis huet déi viregt Regierung decidéiert, d'Gebai net als nationaalt Denkmal ze klasséieren.

Ouni dëse Klassement an d'Schutzmesuren déi esou e Klassement géif mat sech bréngen, kann de Staat keng weider Conservatiounsmesuren ordonéieren oder Restauratiounsaarbechte finanzéieren.

2. **Ginn et Iwwerleeungen oder Ustrengungen beim Kulturministère, fir Modeller, esou wéi se a Frankräich oder Italien fir historesch Gebaier am ëffentleche Besëtz gemaach ginn, zu Lëtzebuerg unzewennen?**
   **Falls jo, kann de Minister 3 Beispiller aus der Vergangenheet nennen?**

Zu dësem Zäitpunkt ginn et keng konkret Iwwerleeunge fir esou Modeller zu Lëtzebuerg ëmzesetzen.

Lëtzebuerg, den 21. Januar 2026

De Kulturminister

(s.) Eric Thill